# WEEKEND | FIR D'TROUPE (SC)

**Troupe Weekend XXIV - vum 15.03-16.03**

**Léif Scouten,**
**Mir invitéieren iech op ee Flotten, Kreativen, Iwwerraschenden a Schmackhaften Weekend an der Troupe elo am Mäerz.**
**Mir wëllen iech weise wéi ee mat villem oder mat wéineg ganz Grousses ka maachen. Op eisem Weekend kommen net nëmmen Ideen ma och Doten zesummen an dat alles am Scoutsgeescht.**
**Dohier, fir net ze verpassen waat den XXIV Weekend bréngt, mell dech elo séier Un!**

**Déng Cheffen frëe sech schonn!**




**Depart:**
Samstes, den 15.03.25 um 9:00 op den Rotonden
(3 Pl. des Rotondes, 2448 Bonnevoie-Nord-Verlorenkost Luxembourg)

**Retour:**
Sonndes, den 16.03.25 um 15:00 op den Rotonden

**Präiss: 30€**
ze iwwerweisen bis den 10.03.2025 mat der Mention:
XXIV Weekend & Numm vum Participnat/Scout
an op de Compte: "Les Lions Bleus-Troupe:
"BCEE - IBAN LU65 0019 4955 9100 5000"

**Umeldung:**
Mat der Souche per mail op:
troupe@lionsbleus.lu bis den 10.03.2025 !

**Heimat erlaaben ech ..........................................................................**

**méngem Scout ............................................................ um XXIV Weekend**

**vun den Lions Bleus den 15.-16.03.2025 deel ze huelen.**

**Ënnerschrëft ............................................................**

# SORTIE | FIR D‘TROUPE (SC)

**Leif Scoute vu Bouneweg,**

**Ech de Bear Grylls géif iech gären op eng TOP Sortie a lueden. Ech well als Wildniss Expert weise weien (bal) ouni Equipement an der Wildniss super Iwwerliewe kann an dofir kommen ech iech extra alles weisen.**



**Dowéinst, sidd dir prett fir ausdeene geréngste Saachen dat meescht eraus ze huelen. Ze erliewe wien een am Bësch schlofen / kachen / iessen a Spaass kann hunn?**

**Da komm mat! Ech free mech op dech an op eng Supper Sortie.**

**Bis dann är Cheffen an de Bear Grylls.**

Bear Grylls

**Depart:** Samstes, 26/04/2025_09.00 Auer
(Hotel Sieweburen, 36 Rue des Sept-Fontaines, L2534 Luxembourg)

**Retour:** Samstes, 26/04/2025_17.00 Auer
(Hotel Sieweburen, 36 Rue des Sept-Fontaines, L2534 Luxembourg)

**Praiss:** **5 €** sinn ze iwwerweisen bis spéitsdens den 21.04.2025
op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe
(BCEE LU65 0019 4955 9100 5000),
mat der Mentioun ,'Sortie Bear Grylls +Numm vum Scout''

**Souche:** Mailen op troupe@lionsbleus.lu esou schnell wie meiglech.

**Material:**
Bidon mat Waasser, Biergschong, dem Wieder ugepassten Kleeder, Messer, Gamelle/Besteck/Becher, Kichenduch, dem Scout séng siiwen Saachen ...

Ech ............................................................... erlaaben heimat

méngem Scout ............................................... op der Bear Grylls - Sortie den 26.04.2025 vun den Lions Bleus deel ze huelen.

Ënnerschrëft .........................................................



# RAPPORT Sortie | BEAVER (BV)






**Schlittschungsortie**

D'Beaver a d'Explorer hunn sech den 30.November 2024 um 10:30 op der Kockelscheier getraff. No dem jiddereen seng Schlittschung unhat an d'Beaver eng kleng Erklärung kruten ass et dunn endlech lass gaangen. No bessen Übung a vill Hëllef vun den Explorer konnten d'Beaver schlussendlech ganz gutt fuere.
Mir haten all vill Spaass an haten souguer d'Eismaschinn gesinn. Dovuner waren eis Beaver all immens faszinéiert. Um 12:10 misste mir schonn erëm vun der Pist erof an hunn eis prett gemaach fir erëm heem ze goen. Et war en flotten moien. **NORA**

# RAPPORT WanterMaart | GROUPE (GR)





**LionsBleus ChrëschtMaart & Kleeschen**

D'Cheffen hunn sech Samsdes den 7. Dezember um 14 Auer am Home getraff, fir alles virzebereeden. Dem Kleeschen seng fläisseg Gesellen, hunn dann alles opgeriicht an de Glühwäin a Schocki virgekacht bevir dann déi éischt Eltere mat hire Kanner géint 18h30 bei de Chalet komm sinn. Sur Place konnten dann eis Gäscht Boxemännercher iessen, Glühwäin oder Schocki drénken, op eise Stänn bei der Feierplaz puer flott Bastele vun de Kanner mathuelen an natierlech e gemittlechen Owend zesumme verbréngen.

Um 19h15 wor et dann esouwäit! De Kleeschen ass feierlech mam Lidd "Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen" empfaange ginn a konnt sech op seng Plaz setzen. No a no konnt dunn all Kand bei de Kleeschen trieden an eppes aus dem gellene Buch virgelies kréien. D'Kanner haten immens freet fir bei de Kleeschen ze goen a mat him ze schwätzen! Nodeems all Kand dru komm ass, an de Kleeschen erëm weider zeien misst, gouf den Owend nach ausklénge gelooss. **Mankei**



# RAPPORT KrëschtCamp | GROUPE (GR)












Dëst Joer ware mir säit laangem erëm als ganze Grupp op e Chrëschtcamp, deen dëst Kéier vum 21.-23. Dezember zu Diddeleng wor. Kuerz viru Chrëschtdag hu mir wärend 3 Deeg dem Roger Regisseur gehollef seng Iddienkëscht rëmzefannen. Dass seng Këscht net just verluer mee geklaut gouf hu mir schonn den éischten Dag erausfonnt. Mir sinn an d'Filmwelt getaucht an hu lauter bekannt Perséinlechkeete befrot, ob si de Léit vun eiser Verdächtegenlëscht decke kennen oder net. Mir ware beim Spiderman, Harry Potter, Charlie Chaplin, Ratatouille a Pippi Langstrumpf. Schlussendlech hu mir rausfonnt, dass et e bekannte Verbriecher wor deen dem Roger Regisseur souguer en Erpresserbréif geschriwwen huet. An dësem Bréif stoung de Roger sollt den nächsten Dag 2 Milliounen Goldmënze fir seng Këscht bezuelen. Mat dëser erschreckender Erkenntnis ass et dann an d'Bett gaangen.
Den nächsten Dag goufe mir selwer zu Theater- a Filmproduzenten. Wärend d'Beaver hire Schattentheater geüübt hunn, hunn d'Wëllef hire Poppentheater geschriwwen a gebastelt. D'Scouten an Explorer hunn zesummen e Stopmotion gefilmt an dobaussen um Feier gekacht. Nomëttes wollte mir den Erpresser treffen, mee mir hunn e verpasst a just nach eng Tut virfonnt. No enger klenge Challenge hu mir dann och dem Roger seng Këscht fonnt. Beim opmaachen ass eis dann awer opgefall, dass d'Këscht eidel wor an d'Iddie geklaut goufen. Also hu mir weider geschafft a probéiert weider Iddien ze sammelen a villäicht d'Këscht erëm ze fëllen. Nom Owendiesse goufen d'Theaterstécker an de Film gewisen. D'Beaver si relativ schnell an d'Bett gaangen, hunn awer nach hiert eegen't Theaterstéck virgestallt. No engem läschte Spill fir d'Kreativitéit unzereegen ass och de ganze Rescht schlofe gaangen.
An du wor et schonn de leschten Dag, a mir hunn ugefaang eis Saachen an ze apaken an hunn déi läscht Iddie fir eis Këscht gesammelt. D'Wëllefcher hu fir d'Mëttegiesse gesuergt an nom Mëttegiessen nach schnell hiren Optrëtt virbereet. Dunn ass och schonn de Roger komm fir eis no senger Këscht ze froen. Leider hu mir déi jo eidel fonnt, dofir hunn d'Wëllef hiert 2. Theaterstéck virgefouert. De Roger Regisseur huet sech richteg gefreet an huet de Kanner hier eege Këscht geschenkt. Duerno hu mir nach e klengen Trajet op de Busarrêt gemaach a sinn erëm zeréck an d'Staat gefuer. **RASCHKA**









# LBB goes Sylvester | CHEFFEN (CH)










Fir Sylvester'24 hunn sech eis Cheffen um 18Auer am Chalet getraff. Esou wéi all Joer gouf et och des Kéier ee speziellt Thema an een Dresscode. D'Cheffe gouffe versammelt fir ee flotte Casinoowend/Maskebal deelzehuelen. Den Dresscode wo dohier schick, elegant a mat enger Mask! Sur Place gouf als Animatioun ee Krimidinner virbereet. D'Gäscht konnte mat Hëllef vu verschiddene Informatiounen a verstoppten Hiweiser am Casino mei iwwert de mysteriöse Mord erausfannen. Well ee Mord opzeklären hongereg mëscht, gouf dunn och d'Iessen zerwéiert. Traditionell gouf et natierlech Raclette mat allerhand Saachen. Nom Iessen an nodeems de Mord méi oder wéineger opgekläert ginn ass, hunn mir dann och anerwäiteg Gesellschaftsspiller gespillt, bis dann de Moment komm ass fir Spaitzmännecher an Schampes auszepaken an ‚Joer 2025 Wëllkomm ze heeschen! Duerno gouf sech gratuléiert a mat verschidde Spiller an dat neit Joer eragefeiert. MANKEI













# RAPPORT Sortie | MEUTE (LX)








Rapport Sortie 11.01.25

D'néit Joer hunn d'Wëllefcher direkt mat enger Sortie gestart. D'Sortie ass queesch duerch déi ganz Staat gaang, wëll mir Déieren, déi sech an der Staat verstoppt hunn, gesicht hunn. Dofir hate mir e Monopolyfeld mat lauter Stroossennimm a passende Biller. Sou hu mir de Wee fonnt a sinn duerch de Park, hunn do de Lift an de Pafendall geholl, wou mir dann och direkt eise Spürsinn gebraucht hu fir verschidden Déierespueren ze erkennen. Als nächst si mir Richtung Gronn getreppelt an hunn dem Melusina moie gesot. Am Abtei Neumünster hu mir eisen Hörsinn trainéiert an duerno eng wuelverdéngt Mëttespaus gemaach.

No der Mëttespaus gouf et nach eng Toilettenpaus am Naturmusée, wou mir dann och eng Aart Krokodil gesinn hu. Dunn ass et erëm mam Lift erop gaang a mir hunn an der Uewerstad weider no Déiere gesicht. Natierlech ware mir bei de Léiwe virun der Gemeng a bei der Statue vum Hämmelsmarsch. Op der Place d'Armes hu mir en Hausdéierenbingo mat Passante gespillt an et ass eis opgefall, dass mir ee Rucksak verluer hunn. Deen ass de Kego nach schnell siche gaang an dono hunn mir nach déi läscht Déiere gesicht. Schlussendlech si mir beim Hamilius ukomm a si mam Bus op Bouneweg zeréck gefuer.

Erëm am Home ukomm, hu mir eng kléng Téipaus gemaach an duerno d'Sixainesdéieren aus Pappmaché gebastelt. Do hu mir fir d'Sixaine Fauldéier an d'Sixaine Réi färdeg kritt, mee beim Fuuss misste mir d'Oueren an eent vun de Been nach déi Woch duerno färdeg maachen. An du wor et och scho färdeg a mir hunn eis Äddi gesot.

**RASCHKA**











# RAPPORT FNEL Quiz | ROVER/TEMBO (RO/TB)




Wie all Joer gouf och des Kéier ee Roverquiz vun enger engagéierter Ekipp op d'Bee gestalt. Dëst Joer hunn d'Iechternacher Quaichlécken eis den 18.Januar 2025 invitéiert, fir ee Quiz an hirem Musée matzemaachen. D'Cheffen hunn sech sur Place zu Steenem getraff an sech am Thema vun der Urzäit verkleet. Eis 7 Cheffen hunn sech den Owend duerch gutt geschloen an déi éischt Kategorien och mei oder wéineger richteg beäntwerte kennen. Well mir eis Gehierzelle gutt ugestrengt hunn, gouf et dann natierlech och eng Stäerkung a Form vun engem Kéis a Charcuterie Briet. No der Iessenspaus ass et da weider gaangen, bis da schliisslech d'Gewënner opgeléist gi sinn. Vun 15 Gruppen si mir da schliisslech déi 5. ginn! D'Gewënner waren Dippecher Dachsen, mais d'Zepter fir de nächste Roverquiz ass un d'Hirschen vu Colmarbierg gaangen.

**MANKEI**




















# ET SCHÉNGT ...

01) dat eis Explorer fir den Ëmbau & NeiUstrach vun hiirem Zëmmer wuel nët méi 2024 färdeg ginn.
02) wéi wann owes bei der Arrivée vum Kleeschen nom Opriichten keen Reen méi um Programm stoung.
03) wéi wann nees 1x een GR-KrëschtCamp wor, waat sou munch Schwieregkeet mat sëch bruecht huet.
04) dat an der K-Vakanz BV een neien Anbauschaaf installéiert kruuten an dësen och direkt gefëllt hun.
05) dat no Krëschtdag d'Anciens LBB sëch mat deenen déi am Ausland wunnen op e Patt getraff haaten.
06) wéi wann d'Cheffen och dës Joër nees een traditionellen Sylvesterowend am Home verbruecht hun.
07) dat mir als Lions Bleus besonneg stolz drop sinn och puer mi aal (och bessi mi aal...) Memberen ze hun.
08) wéi wann eis RO&TB nees gudd vertrueden woren als DINO's um QUIZ zu Iechternach vun der FNEL.
09) dat Enn Januar ëmmer eis AG‘2025 usteet an mir dës Joër nees op eis Wuerzelen zerèckgraifen.
10) wéi wann d'FNEL (wi all 2 Joër) nees een flotten Weekend fir eis aktiv Cheffen organiséiert haat.

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) wéi wann Sie mam ganzen Oofmontéieren, Ëmbau & NeiUstrach et hoffentlech am Joër 2025 hikréien.
02) dat ët virdrunner nët su einfach wor, de Lynx&Mammut per Seel den Auto aus der Wiss zéihen missten.
03) dat d'Nimm: Lou an Loup nët daat selwecht wiir an Sie elo > Beaver Lou&Chef Loup géingen heeschen.
04) wéi Sie sëch belount hun mat engem TeamOwend, an Massagen & Gesichtsmasken gegönnt hun.
05) dat do nees gudd gepootert, an de Klassiker ‚MenschÄrgerDichNicht' op der Keelenbunn gespillt gouf.
06) dat Sie hei alleguer Top gekleed&dekoréiert am ThemenOwend ‚Casino & MaskenOwend' geglänzt hun.
07) wéi wann eisen PIC, schon vill erliewt huet (och mat eis) an den 16.03.2025 séng 90 Joër kritt ?? WOW.
08) dat ët een flottenOwend wor, DD gewonnen hun > mee den Zepter weiderginn hun un Hirsch fir 2026.
09) wéi wann d'AG ganz einfach&klassech gehaalen gët bei eis am Home an dono mat Pizza & engem Patt.
10) dat e ganzen Bus (m.LBB) gefëllt an dëse wor an Richtung Antwerpen op séng Aventure gefuer ass...

# LBB MEMES










# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Reuter-Schantzen, . . .

## februar'25

| Dag | | |
|---|---|---|
| **Sa** | 1 | LX/T V/EX<br>**LBB AG**& LBB Shop |
| **So** | 2 | |
| Me | 3 | |
| Dë | 4 | |
| Më | 5 | |
| Do | 6 | |
| Fr | 7 | |
| **Sa** | 8 | BV/LX/EX<br>FNEL SC Explo |
| **So** | 9 | FNEL SC Explo |
| Me | 10 | |
| Dë | 11 | |
| Më | 12 | |
| Do | 13 | Réunion semestrielle |
| Fr | 14 | **Start TECHUANA** |
| **Sa** | 15 | **TECHUANA**<br>**BV Camp** |
| **So** | 16 | **TECHUANA**<br>**BV Camp** |
| Me | 17 | **TECHUANA**<br>**BV Camp** |
| Dë | 18 | **TECHUANA** |
| Më | 19 | **TECHUANA** |
| Do | 20 | **TECHUANA** |
| Fr | 21 | **TECHUANA** |
| **Sa** | 22 | **TECHUANA** |
| **So** | 23 | **Retour TECHUANA** |
| Me | 24 | |
| Dë | 25 | |
| Më | 26 | |
| Do | 27 | COMITÉ |
| Fr | 28 | |

## märz'25

| Dag | | |
|---|---|---|
| **Sa** | 1 | BV/LX/PV/EX |
| **So** | 2 | |
| Me | 3 | |
| Dë | 4 | |
| Më | 5 | |
| Do | 6 | |
| Fr | 7 | |
| **Sa** | 8 | LX/PV/EX<br>BV Sortie |
| **So** | 9 | |
| Me | 10 | |
| Dë | 11 | |
| Më | 12 | |
| Do | 13 | |
| Fr | 14 | |
| **Sa** | 15 | BV/LX/EX<br>**SC Weekend & LB SchaffWE** |
| **So** | 16 | **SC Weekend & LB SchaffWE** |
| Me | 17 | |
| Dë | 18 | |
| Më | 19 | |
| Do | 20 | COMITÉ |
| Fr | 21 | |
| **Sa** | 22 | BV/LX/PV/EX |
| **So** | 23 | |
| Me | 24 | |
| Dë | 25 | |
| Më | 26 | |
| Do | 27 | |
| Fr | 28 | |
| **Sa** | 29 | LX/T V/EX<br>BV Sortie, FNEL T B Dag&LB Sh |
| **So** | 30 | FNEL Maart um Haff |
| Me | 31 | |

## abrëll'25

| Dag | | |
|---|---|---|
| Dë | 1 | |
| Më | 2 | |
| Do | 3 | |
| Fr | 4 | LBB CH-Weekend |
| **Sa** | 5 | LBB CH-Weekend |
| **So** | 6 | LBB CH-Weekend |
| Me | 7 | |
| Dë | 8 | |
| Më | 9 | |
| Do | 10 | |
| Fr | 11 | |
| **Sa** | 12 | |
| **So** | 13 | |
| Me | 14 | |
| Dë | 15 | |
| Më | 16 | |
| Do | 17 | |
| Fr | 18 | |
| **Sa** | 19 | |
| **So** | 20 | |
| Me | 21 | |
| Dë | 22 | |
| Më | 23 | |
| Do | 24 | COMITÉ |
| Fr | 25 | |
| **Sa** | 26 | BV/EX<br>FNEL Sixplo **SC Sortie** |
| **So** | 27 | FNEL Sixplo |
| Me | 28 | |
| Dë | 29 | |
| Më | 30 | |

